



Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture	8
Référence : 441/2024	
14 JUIN 2024	
A traiter par :	
Copie à :	

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 14. Juni 2024

Här Präsident,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.

Am Juni ass d'Héichsaison fir d'Méiarbechten am Agrarsecteur a gläichzäiteg ass et d'Saison wou vill Réikitz gebuer ginn. D'a.s.b.l. « Sauvons Bambi Luxembourg » huet d'lescht Joer ënner dem Impuls vum Landwirtschaftsminister zesumme mat 6 Gemengen e Pilotprojet lancéiert fir de Baueren ze hëllef fir des Réikitz an de Felder unhand vun Dronen ze lokaliséieren an des virum Méien a soumat virum Doud ze schützen. D'lescht Joer konnten esou 258 Réikitz gerett ginn.

Dëse Projet ass ganz ënnerstëtzenswäert an dofir wollt ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wäert de Ministère fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau dëse Projet weider ënnerstëtzen?
- Wéi vill Gemenge bedeelegen sech dëst Joer un dësem Projet? Wat mécht d'Madamm Ministesch fir méi Gemengen ze beweegen fir bei dësem Projet matzemaachen?
- Wéi ginn d'Baueren iwwer dës Initiativ informéiert?
- Ginn d'Baueren doriwwe eraus encouragéiert, fir méi spët ze méien an domat net nëmmen de Réi mä och buedembréiende Vulle besser Iwwerliewenschancen ze bidden?

Mat déiwem Respekt,

Claire Delcourt
Deputéiert



**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro
n° 887 vun der éierbarer Deputéiert Claire Delcourt**

- Wäert de Ministère fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau dëse Projet weider ënnerstëtzen ?

De Landwirtschaftsministère wäert dëse Projet weiderhin ënnerstëtzen. De Schutz vu Réikitz ass och am aktuelle Regierungsaccord virgesinn. Aktuell gi Pilotprojete mat eenzelen interesséierte Gemengen ënnerstëtzt. Dat längerfristegt Zil ass fir dës oder änlech Aktivitéiten no Méiglechkeet op de gesamte Lëtzebuerger Territoire auszedeenen. De Landwirtschaftsministère huet der Associatioun "Sauvons Bambi" weider Ënnerstëtzung bei dëser logistescher Erausfuorderung zougeséichert.

- Wéi vill Gemenge bedeelegen sech dëst Joer un dësem Projet ? Wat mécht d'Madamm Ministesch fir méi Gemengen ze beweegen fir bei dësem Projet matzemaachen ?

De Landwirtschaftsministère huet 2023 6 Gemengen am Weste vum Land am Kader vun engem Pilotprojet vun der Associatioun "Sauvons Bambi Luxembourg" ënnerstëtzt. Dës Gemenge kruten een Deel vun den Drone mat Wärmebildkamera finanziert, déi zum Asaz komme fir Réikitz ze detektéieren. 2024 hu 4 weider Gemengen sech der Aktioun ugeschloss, sou dass insgesamt 10 Gemenge bei dësem Projet aktuell matmaachen¹. De Landwirtschaftsministère bitt och Ënnerstëtzung bei der Verëffentlechung vun den Informatiounen zu dësem Projet. Et gëtt och aktuell mat den Acteuren gekuckt, wéi dësse Projet ka sënnvollerweis op méi Gemengen ausgedeeent ginn, wat eng logistesche Erausfuorderung duerstellt. De begrenzende Facteur schéngen oft d'Dronepilote resp. d'Benevollen ze sinn. Et sief och ervirgestrach, dass niewent der Aktioun "Sauvons Bambi" zënter Jore vill engagéiert Jeeër ee wichtege Beitrag leeschten, andeems se an Zesummenaarbecht mat de Baueren d'Fläche virum Méinen z.B. zu Fouss ofginn oder och mat Drone ofsiche. De Landwirtschaftsministère kuckt an eng nächster Phase, wéi sech hei eng sënnvoll Kooperatioun ënner all den interesséierten Acteuren kann erginn, a wéi eng Logistik duerfir noutwendeg ass. Een erfollegräicht Ëmsetzen ass gekoppelt dorunner, awéifern et dem Projet geléngt, op engem relative begrenzten Zäitraum (vun der Mahd) genuch Kapazitéiten ze mobiliséieren fir dësse Service sécherzestellen. Den 22. Juli ass mat denen concernéierten Acteuren a mat Verrieder vum Ëmweltministère eng Reunioun virgesinn fir notament des Froen ze klären. Hei wäert och d'Landwirtschaftskammer vertraueden sinn.

- Wéi ginn d'Baueren iwwer dës Initiativ informéiert ?

D'Gemengen zesumme mat der Associatioun "Sauvons Bambi Luxembourg asbl" informéieren d'Baueren iwwer dës Initiativ (iwwer déi sozial Medien, duerch d'Ausdeele vu Flyeren an d'Organisatioun vun Informatiounsveranstaltungen an den eenzelnen Gemengen). De Landwirtschaftsministère mëscht dës Aktioun och iwwer hiren Internetsite public. D'Landwirtschaftskammer wäert och hir Memberen iwwer dës Initiativ informéieren.

¹ Garnich, Steinfurt, Beckerich, Habscht, Koerich, Saeul, Pétange, Kaerjeng, Dippach et Mamer

- **Ginn d’Bauern doriwwer eraus encouragéiert, fir méi spéit ze méien an domat net nëmmen de Réi mä och buedembréiende Vulle besser Iwwerlieweschancen ze bidden ?**

Et dierf ee net vergiessen datt qualitativ héichwärtig Grondfudder (z. B. Grengland) wichteg ass e.a. fir eng nohalteg Mëllechproduktioun. Dofir muss d’Grengland am optimalen Wuesstumsstadium geméint ginn. Einfach eent méi spéit Méien ass also net déi allgemeng gültig Léisung.

De Landwirtschaftsministère proposéiert a finanzéiert allerdings och eng ganz Partie un Extensivprogramme fir d’Bauern, zum Deel an Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère, déi der Ëmwelt zegutt kommen. Heizou gehéieren och eng Rei vu sougenannte Spéitmähprogrammen, déi nieft villen positiven Effekter op d’Ëmwelt och e positiven Impakt op de Schutz vun de Réikitz hunn: Extensive Mähwiesen, Extensive Mähweiden, Extensive Weiden, Naturschutzweiden a Spätmähwiesen. D’Bauere kréien ee finanziellen Ausgleich ausbezuelt fir hiren Ertrag- a Qualitätsausfall ze kompenséieren an se doriwwer eraus z’encouragéiere fir un dese Programmer Deel ze huelen. Dës Agrarëmwelt- a Klimaprogrammer souwéi Biodiversitéitsprogrammer sinn een zentraalt Instrument vun der nationaler Agrarpolitik fir déi praktesch Ëmsetzung vum Naturschutz op landwirtschaftleche Flächen an decke méttlerweil ronn 1 Fenneftel vum Dauergréngland of.

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2024

D’Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN